

Nation Branding... abee jo!

„Wer hat noch nicht, wer will noch mal“, ass dat dann naaischt?! Aplaz einfach ze soen, datt „Reklam/Publicitéit fir Lëtzebuerg“ soll gemaach ginn, gëtt **alt erëm an den englesche Pull gelaatscht**. Wéi et schéngt „mécht dat besser“; dofir versteet jo och knapps ee vun äis, aus deer normaler „Hickecht“, wann d'Banken-, Versécherungs- oder soss Economie-Branche-Leit wëllen uginn ... **fir och deenen einfachste Begrëffer a Schreiwereien en „touch“ ze ginn** ... oder sech selwer en „air“. Et geet jo am Fong drëm, Lëtzebuerg als dat ze „verkafen“, wat et wierklech ass (historesch, kulturell, wëssenschaftlech, sportlech, awanderungsméisseg, asw.)... also beileiwen net nëmmen als eng Banke-Plaz oder soss eng Form vu „Paradis“!

Kee verstännege Mënsch huet eppes géint dem Shakespeare seng Sprooch, mä dee „franglais“, dat „Denglich“ ass einfach fir ze laachen, also och „luxlais“, net ze wiessele mat eiser nationaler, iwregens ganz gutt „placéierter“ Molkereismark ... oder héchstens mat deer genësseger Brach, déi si produzéiert. Gewëss, et kritt een elo dohinner gebass, datt **d'Englescht nun emol eng Weltsprooch** ass, déi et a verschiddene Gebitter iwwer de ganze Globus gëtt; averstan ... ower beim „Branding“ fir eist Land hu mir et jo mat eppes ze dinn, dat och am Ausland déi sougenannt „normal“ Leit ugeet ... **an déi verstinn nun emol héichprozenteg garantéiert net, wat „Branding“ heescht**, héchstens „Brandy“, dee mir och hunn, ower wem fällt et dann an, eisen „Trester“ bei de „Marc de Champagne“ ze halen. ☺

Wien sech éierlech d'Méi gëtt, fir nozekucken, wat et dann am Englesche mat deem „Branding“ op sech huet, deen hei gebraucht gëtt: Et huet mat deem Zeechen, pardon: sigle/logo, ze dinn, dat d'(arem) Béischten an der Zäit, plazeweis och nach haut, **mat engem gliddeg-rouden Eise-Stempel agebrannt** kruten, fir datt si erëmkannt konnte ginn.

Mir brauche kengem eng lëtzebuergesch „Maark“ an den „Täti“ ze brennen, fir datt hien äis soll am Verhalt behalen, oder sech fir dee „komesche“ Grand-Duché intresséiere soll kënnen. Natierlech ass et flott, wann e gefällege „Logo“ fir eist Land populär gëtt ... mä eist **Haaptmarkenzechen ass nun emol d'éischt, datt hei bei äis zesoe jidderee sproochlech eens gëtt!** Lëtzebuerg ass an deem Streech einfach dat Gelungenst/Bossegst/Eegenartegst/Koppegst asw. op der ganzer Äerdklatz ... an dat op ganzen 2586 Quadratkilometer! Explizéiert dir engem „Friemen“ dat, dann hält deen äis ganz einfach fir „tibbi, schauen, doruechter“.

Produktiounsméisseg huet Lëtzebuerg fundamental op d'allermannst esou vill Intressantes a Guddes opweises wéi aner Länner vun eisem „Gabit“; mir sinn e Land, dat sech (theoretisch) absolutt selwer kënn erhalen. Eis produktiv Säit ka sech roueg uechter d'Welt weisen; z. B. kann eist „Gedrénks“ et spilled mat ville méi Milliounen-Hektoliter-Gulliveren ophuelen ... ower déi hunn zënter laang en anere ... „Branding“! Dselwecht ass et mat eise landwirtschaftleche Produkten an och deem, wat hei draus gemaach gëtt; um industriell-technesche Plang brauch Lëtzebuerg sech net ze verstoppen ... wéi ass et dann do mat Liechtenstein, San Marino, Moldawien, Malta? Eis Schoulen an eis intellektuell Leit kënnen sech souguer bis bei den Nobel-Präiss roueg iwwerall weisen. Do wier nach kéipweis opzezielen ...




„Mir“ haten iwregens viru ronn 25 (!) Joer mam „Service Information et Presse“ vun der Regierung, just an diesem Branding-Sënn eng 4-sproocheg Publikatioun an d'Liewe geruff, déi „Voilà Luxembourg“ geheescht huet a prima an der ganzer Welt ukomm ass (Regie Jean-Claude Müller/Rob. Kieffer), just bei verschiddene vun eise Ministeren net, déi dese „Branding“ deemools net bekäppe wollten ... bis op hire perséinlechen; schued, 25 Joer „Branding“ verluppt! An deser KLACK kritt Dir eng Titelsäit dovun. An der Nationalbibliothék sinn déi Nummern nach fir déi Intresséiert (?) ze fannen ...

Reklam/Publicitéit fir eist Land huet net nëmme mat Geld an Agencen ze dinn, mä mat enger gudder „Schnuff“ Gefill, wéi een „engem“, hei weltwäit! eppes bäibréngt. Da loosse mir de Laascht alt emol kommen.

Am Jumm!

Zu Bieles guff et alt emol e sympathesche Fuesbal(?), dee „Bieles am Jumm“ geheescht huet ... et huet ower knapps een dru geduecht, watfir en typesch lëtzebuergesch Ausdrock hei gebraucht ginn ass. Denkt dach emol driwwer no, op wéivill (oniwwersetzbar) Manéieren dat „Gejums“ bei äis leeft: Dir kënn eppes „jumen“ = werfen, geheien; dir kënn *engem eng „jumen“* = klaken; et mécht natierlech besser, wann ee bei der Musek d'Timbale huet ..., mä mir hunn nun emol d'„Jumdeckelen“. Wa mir gutt drop sinn, da si mir „am Jumm“ ... a vun eiser Sprooch kënnen mir haut soen, datt si och zimlech ferm am Jumm ass; dat ass si leider vill ze laang net/oder falsch gewiescht. Jummt är Zeitung elo net direkt ewech, a liest déi aner Saachen och nach ☺

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

Triwweler ...

Normalerweis weess jidfer Lëtzebuerg, wat dat heescht. Intressant ass jo och nach, datt esou Ausdréck bei äis och nach dacks als Substantiv, alias Dingwuert am Gebrauch sinn ... an datt et am Lëtzebuergesch **eng ganz Kludder deer Wierder an diesem (zimlech granzegen) Ausdrocks-Eck** gëtt. Also:

Triwwelen/Triwwel - kniwwelen/Kniwwel - knätzelen/Knätzel - knéchelen/Knéchel - knujelen/Knujel asw. ... d'meescht hunn se och nach verschidde Bedeitungen, a Persoune ginn esouguer duerno genannt (**Triwweler - Kniwweler - Knätzeler - Knécheler - Knujeler ...**). Dann eng gutt Fro: Iwwersetz se mol op Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch, nixdegibbi! Et ass jo keen Zweifel drun, datt et an deene Sproochen och deer, zimlech verbassener Ausdréck gëtt; mä eis sinn nun emol eis, basta!

Just an deesen Deeg hu mir et jo nach mat engem Wuert ze dinn, dat eenzegarteg Lëtzebuergesch ass: **Verwuerelter!** Esouguer bei de Minetts-„Tortelen“ oder den Nonnefäscht hätt jidderee bausst eise klenge Grenze Krämpes fir d'Iwwersetzen. Arem Sprooch, nedit!

Wänzelen ...

Wa mir net mat Schlofen „ukommen“, da wänzele mer hin an hier; wann e Rad um Velo/Auto net richtig zentréiert ass (Schimmi huet), da wänzelt et; vun engem, deen zimlech schwéierfäleg do geet, soe mir, hie giff do wänzelen ... et ass **eng typesch gelungen Upasserei vum däitschen Ausdrock „wälzen“**; dem Sënn no geet et deem ower d'meescht aus de Féiss.

Mir hunn esouguer eng zimlech intressant Erweiterung vun deem ganze „Gewänzelen“: wann ee sech wëllt bäischmieren(!), dann heescht et, hie giff vrun deesem oder deem „scharwänzelen“ ... oder „de Mippche maachen“, och dat ass a kenger aner Sprooch ze fannen!

Eise „Problem“ ass et, datt mir äis deer Eegenartegkeeten einfach ze mann bewosst sinn ... an dann heescht et: **„O, maja, dat hunn ech nach net esou beduecht.“** Dat ass dee méi wëssenschaftlech gedeefte „Hallo-Effekt“ ... fir d'Lëtzebuergesch ganz gesond!

Eng elle Bëls

„Trëllen“ ass gellegt Lëtzebuergesch; a soss näischt! Wann dir dann och nach zu Stuttgart engem sot, *dir wiert getrollt, hätt iech eng fatzeg ginn an eng déck Bëls op der Kopp ...* da bekuckt deen iech wéi e Moundkällefchen. Dat ass nun emol deer klenger Beispiller eent, mat deem ee ka beweisen, datt **eis Sprooch ower en zimlecht eegent Liewe** féiert, oder net?

Sot dir och nach, et wier *eng ellen Téitsch* ginn, an dir hätt *en décke Roff*, da gëtt d'Saach mam Stuttgarter och alt net besser. Verzielt him näischt vun ärer „wéischer“ Nopesch, déi *eng „schrö“ Fra* wier an hire Mann *e bretzege Topert*, well do muss de „Ländler“ „passen“. A wann dir him da sot, d'Lëtzebuerg selwer gifen hir Sprooch dacks fir en Heeschekand verkafen, da kënn deen iech jo **froen, wéi et dann hei bei ville mam „Geli(ch)ts“** wier. Majo, dajee alt, nedit.

Alain a Mil

Wéi d'UKW/Kanal 18-Emissioun **„Een Ament fir eis Sprooch“ no 12 Joer 1984 an de Wanterschlof geluecht** ginn ass, huet RTL (deemools eisen eenzege „Radio“) gutt dru gedoen, den Alain Atten op de Mikro ze setzen ... dat heescht, datt de Kolleg Atten elo **32 Joer de Fändel fir eis Sprooch op deer Radios-Station** dréit, déi nun emol am allermeeschte gelauschtert gëtt. Den Alain geet anescht un d'Saach erun, wéi dat virun – oder hei an der KLACK – de Fall war/ass, mä hie mécht dat exzellent! Den Alain Atten, alias „Sproochmates“, ass eng ganz seriös Stäip fir eist Gewudders ... an et soll jo nëmme kee mengen, mir wieren äis net „gréng“ oder et giff do eng sougenannt „Konkurrenz“; just de Contraire! Ower leider gëtt et Leit, déi onheemlech gär hunn/hätten, wann anerer gifen „hannerenee“ geroden. Aarmutt.

Am Alain senger Spréchercollectioun gëtt et knapps een, deen net am Mil Goerens sengem herrleche Buch „Vun der Long op d'Zong“ ze fanne wier. De Mil ass, wat een, am beschte Sënn e „wuddrege Wullert“ nennt; ower mam Gewulls geet et net duer; et brauch e gudder Kapp an intelligenten Opbau-System dohannert. Hien huet äis e Buch geschenkt, dat **e faméise Stack fir d'Lëtzebuergesch** ginn ass. Wat dat vun Aarbecht, vrun allem vu Léift fir d'Saach beidit, kann nëmmen ee bedenken, deen sech et uschaaft; et ass e gellegt „Familljebuch“ a verdéngt eng vun de beschte Plazen a jidfer Bicherschaf ... fir et dacks ersauzuehelen an sech all Kéier eng giedeleg Schnauf vun eiser heemlecher Sprooch ze pëtzen.